

« Wat e Spektakel, wat en Drama, wat eng Spannung, wat e Match !! »
(+/- d'Wierder vum FLTT-Präsident bei der Zeremonie nom Match)

Fir sou e Match, wéi mir e gësch zu Diddeleng erlieft hunn (an deen eigentlech zwee Gewënner verdéngt gehat hätt), abee do lount et sech, e puer Stonnen d'Woch an den DT-Sport z'investéieren. Sou Matcher (leider e bëssen ze rar) sinn am Endeffekt fir en Dirigeant bénévolé déi schéinste Belounung fir seng Aarbecht.

Grousse Respekt an en décke Merci

- a) deenen 8 Spiller an hire Coachen fir en onvergiesslechen DT-Spektakel;
- b) de Spectateure vun Diddeleng a vum Houwald (ongeféier 120 pro Equipe, + nach eng 100 'neutraler') fir déi phantastesch Ambiance, déi si gësch während bal 4 Stonne geschafen hunn;
- c) den Dirigeanten vun de Veräiner Diddeleng an Houwald fir eng impeccabel Organisatioun vun de Finale-Matcher.

Respekt a Gratulatioun un den alen an neie Champion Diddeleng, dee fir dësen Titel alles huet misse ginn, a bei deem d' Emotiounen no engem Titelgewënn wuel nach ni sou grous an intensiv ware wéi grad gësch ... an dat net nëmme wéinst dem 'au-revoir' un de Mike an un de Christian. Neen, d'Spiller vun Diddeleng woussten, datt si Grousses gelescht haten, an déi enorm Nervebelaaschtung, deeër si während e puer Stonnen ausgesat waren, huet sech zum Schluss an äusserst sympatheschen Tréinen vun erwuessene Fraen a Männer opgeléist.

Mä och den DT Houwald brauch net enttäuscht ze sinn, mä kann houfreg sinn op d' Leeschtung vu senger Équipe an op d' Tatsaach, datt déi Equipe e ganz wichtegen Undeel un deem groussaartegen DT-Spektakel gëschter hat. Den Houwalder 'Outsider' huet sech "mat Hänn a mat Féiss" géint de staarke Géigner gewiert, huet en 1:4-Réckstand opgeholl, an huet zum Schluss de Favorit Diddeleng bis an de 5. Saatz vum Dubbel gedriwwen. Chapeau der jonker Trupp vum Holleschbiërg, déi mat sou Leeschtunge wéi déi lescht zwee Samschdeger an den nächste Joeren zimlech sécher och eng Kéier ganz uewen op engem Podium wäert duerfe stoen.

D'Équipe vun Diddeleng a vum Houwald hu gësch jiddefalls en onvergiesslechen Ament an der Lëtzebuërger DT-Geschicht geschriwwen !!

Nach e schéine Sonndeg
vum (haut ganz zefriddenen) Gestionnaire vun der BDO TT League



Camille GONDERINGER

Commission Technique

President

Tél.: (+ 352) 621 24 89 73

e-mail: camille.gonderinger@pt.lu